



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. September 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Mat der Schoulreentrée 2022/23 soll am Kader vum neien Hausaufgabendispositif, den digitalen Tool „e-Hausaufgabenbichelchen“ agefouert ginn. Mat dësem Tool solle souwuel Betreuungsstrukture wéi och d'Eltere kënnen de Suivi vun de Kanner hiren Hausaufgaben assuréieren. Den Enseignant op der aner Säit notéiert hei sämtlech Hausaufgaben a kann och d'Bemierkunge vun dem Betreuungspersonal sou wéi den Elteren an der App liesen, falls Schüler nach Schwierigkeiten oder soss Problemer mat den Aufgaben haten.

An deem Kontext géife ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Ass den Tool respektiv d'App «e-bichelchen.lu», dee vum CGIE entwéckelt gouf, obligatoresch ab dem Schouljoer 2022-2023 fir all d'Schoulpartner (Enseignants, éducateurs, Elteren) oder duerfen och aner Tools benotzt ginn, déi haut schon um Marché verfügbar sinn (Dimmi, Schoolfox, ...)?
- Ass geplangt den Tool «e-bichelchen.lu» an Zukunft och nach auszubauen, sou dass en net just exklusiv Hausaufgabe ka verwalten, mä och aner Funktionalitéite kritt wéi z.B. allgemeng Kommunikatioun mat den Elteren etc.?

Vill Schoulen notze schonns aner digital Tools, déi deelweis déi selwegt oder méi Funktionalitéite besëtze wéi d' «e-bichelchen.lu».

- Ass et am Kader vun der simplification administrative sënnvoll, dass d'Elteren herno méi Appen ze verwalten hunn?
- Besteet net d'Gefor, dass et herno ee groussen Duercherneen entsteet respektiv d'Elteren iwwerfuerdert sinn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch
Fro Nr. 6853 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Ad 1)

Den Educatiounsministère huet d'Applikatioun *e-Bichelche* vum CGIE entwéckele gelooss en vue vun enger eenheetlecher Organisatioun vun der Hausaufgabenhëllef, an dat fir all Enseignanten, Erzéier, Elteren a Kanner. Dës Applikatioun, déi deemnächst och als App fir *iOS* an *Android* disponibel gëtt, ass gratis a soll de Suivi vun den Hausaufgabe vun de Kanner vereinfachen an dat doheem, an der Maison relais oder a soss enger Betreuungsstruktur.

D'Schouljoer 2022/23 ass geduecht als Pilotphas, wou Enseignanten, Erzéier, Elteren a Schüler sech solle mat der App familiariséieren. Vun der Rentrée 2023/24 un ass gewënscht, datt dësen Outil dann all Dag an iwwerall an den Asaz kënnt.

Mir si bewosst op de Wee gaangen, fir en eegenen Outil ze entwéckelen, well mir domat op intern Datebanke kënnen zeréckgräifen, wat bei scho besteeënden Applikatiounen aus Dateschutz-technesche Grënn net méiglech ass. D'Zeréckgräifen op intern Datebanken bitt och d'Potential fir weider zukënfteg Entwécklung vum dëser neier Applikatioun. Et sief nach drop higewisen, datt sämtlech perséinlech Donnéeën an den Datenzentre vum CGIE zu Lëtzebuerg gespäichert an traitéiert ginn, dëst am Aklang mat de Finalitéiten, wéi se am Gesetz vum 2013 iwwer d'Schülerdatebank festgehale goufen.

Ad 2)

D'*e-Bichelche* wäert an deenen nächste Schouljore permanent ausgebaut ginn, fir nei Funktionalitéiten dobäizesetzen wei z. B. e Kommunikatiounsmodul fir Enseignanten an Elteren, en digitaalt Klassebuch, eng Gestoun vun den Absencen, asw. Och wann et vergläichbar Outilen um Marché gëtt, esou gëtt et keng kommerziell Applikatioun, déi mat de besteeënden informatesche Systemer vum CGIE interoperéiert.

Ad 3) a 4)

Nee, déi Gefor vun engem Duercherneen duerch d'Benotze vu verschiddenen Applikatiounen besteet net, eebe grad well eng eenzeg Applikatioun fir d'Kommunikatioun tëscht Enseignanten, Erzéier, Elteren a Schüler ronderëm d'Hausaufgabenhëllef an noer Zukunft benotzt gëtt.

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH